# HOBBYEN/KREATIVITÉIT



**THEEMA - HOBBYEN**

1. Froen
2. Vocabulaire
3. Froen + Beispill Äntwert



## 1. Froen


**Lauschtert a Liest d'Froen**



Audio 1

1. Maacht Dir eng kreativ Aktivitéit an Ärer Fräizäit? / Sidd Dir kreativ?
2. Wat ass Är Motivatioun fir dës Aktivitéit(en)
3. Sidd Dir Member an engem Veräin / Club?

- Wat fir een? (Sport, Musek, Kultur, Scouten)
- Säit wéini? Wat ass Är Motivatioun?
- Firwat sidd Dir net an engem Veräin?



molen

4. Wat fir e Veräin géif Iech interesséieren? Firwat?
5. Wéi vill Zäit verbréngt Dir pro Woch fir kreativ Aktivitéiten?
6. Wat fir Aktivitéiten maacht Dir gär am Summer dobaussen?



am Gaart schaffen

- Wéini? / Mat wiem?

7. Wat maacht Dir gär doheem an Ärer Fräizäit? (Wat sinn Är Hobbyen doheem?)
8. Kënnt Dir doheem en Apparat oder eng Maschinn reparéieren?

- Wann net - wat maacht Dir?

9. Wéi kann ee Kanner motivéieren méi kreativ ze sinn? Sinn Är Kanner kreativ?
10. Hutt Dir an Ärer Kandheet eng kreativ Aktivitéit gemaach?
11. Schafft Dir gär am Gaart?
12. Wat géift Dir gär léieren / maachen, wann Dir méi Zäit hätt?



Gittar spillen

© 2025 Luxembourgish with Anne. All rights reserved

# 2. Vocabulaire

## Liest a benotzt dëse Vocabulaire

op e Concert goen, an den Theater goen,

an de Kino goen, e Film kucke goen

Gesellschaftsspiller spillen,

en Instrument spillen: Gittar spillen

Bicher liesen, Musek lauschteren, Tëlee kucken

Fotoe maachen



Gesellschaftsspiller spillen



**De Weekend:**

en Ausfluch maachen, an d'Ausland fueren

trëppelen, spadséiere goen,

am Gaart schaffen, sech entspanen (relaxen)

Frënn alueden (invitéieren), Frënn treffen, d'Famill besiche goen

eppes drénke goen, kachen

**Kreativitéit**

en Instrument spillen, sangen, danzen

eppes Neies léieren, zum Beispill en Instrument spille léieren, bake léieren

Fotoe maachen

molen, schreiwen, baken, exotesch Rezepter kachen

bitzen, strécken

d'Haus dekoréieren, ariichten,

Miwwelen restauréieren

© 2025 Luxembourgish with Anne. All rights reserved

## 3. Froen & Beispill Äntwert

**Lauschtert a Liest d'Äntwerten op 3 Froen**

Audio 2

**Fro**: **Wat maacht Dir gär de Weekend?**

**Äntwert:**

**a)** Am Summer grillen ech gär mat menger Famill am Gaart. Nomëttes ginn ech gär mat de Kanner op d'Spillplaz oder mam Vëlo fueren. Oder ech treffe Frënn an der Stad fir eppes drénken ze goen.

**b)** Am Wanter fuere mir gär samschdes de ganzen Dag an d'Ausland akafen, zum Beispill op Tréier oder op Metz. Samschdes kachen ech och heiansdo an invitéiere Frënn. Sonndes liesen ech gär gemittlech oder kucken Tëlee.

**Fro**: **Sidd Dir Member an engem Veräin / Club?**

**Äntwert:**

**a)** Ech si leider net an engem Veräin. Ech schaffen de ganzen Dag an hunn net vill Fräizäit. No der Aarbecht verbréngen ech gär Zäit mat menger Famill. Mee mäi Jong ass an der Museksschoul an eiser Gemeng. Hie spillt Piano a Gittar.

**b)** Ech si Member an engem Fraenclub säit engem Joer. Mir treffen eis eemol d'Woch fir zesumme Kaffi ze drénken a fir auszetauschen. Eemol d'Joer organiséiere mir e Floumaart a verkafe Kannerkleeder a Spillsaachen.

**Fro**: **Sidd Dir kreativ an Ärer Fräizäit?**

**Äntwert**:

**a)**Ech si leider net kreativ a menger Fräizäit. Allerdéngs molen ech gär mat menge Kanner. Dat fannen ech ganz kreativ. A mäi Meedchen spillt säit 1 Joer Piano.

**b)** Ech maache gär Fotoe vun der Natur an och Portraite vu Persounen. Dat fanne ech immens kreativ. Wann ech Zäit hunn, molen ech och gär abstrakt Biller mat Aquarellen. Gewéinlech molen ech an der Vakanz. Dat entspaant mech.

© 2025 Luxembourgish with Anne. All rights reserved

**✍️ Schreift Är Äntwert op all Fro - Baséiert Iech op 3. ☝️**

1. 

2. 

3. 

4. 

5. 

6. 

7. 

8. 

© 2025 Luxembourgish with Anne. All rights reserved

9.

10.

11
.

12
.

© 2025 Luxembourgish with Anne. All rights reserved